

WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°379
... MÄRZ - MEE

WANDROUS

Redaktion: Cheffenekipp LBB
Respo fir den Drock & Verschécken: LBB
Exemplaires: 230
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

LIONS BLEUS

Infos générales: cg@lionsbleus.lu
Location chalet: location@lionsbleus.lu
Compte Groupe LBB:
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



GruppenVersammlung 21'



UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op Facebook
www.facebook.com/lionsbleus



LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuert hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmere an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den ,Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lët déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.
mat engem Ordre permanent*
vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ,Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme**

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ,revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freien MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed doba!
Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !

WANDROUS PUBLICILÉIT

Waat brauchts DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op gudd Scoutsmaterial an op eng exellent Beroodung?
DU hues eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Dann ass hei Adress fir d'ech:
VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES !



* DU kriss op ALL Artikel 10%
Ermässeung,
wanns DU déng gültig Lions Bleu
Memberskaart firweisen kanns !!!



www.viking-adventures.de



CHEFFEN 2021-2022

Simply present LBB-STAFF for 2021-2022:

Léif Elteren,

Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun dèi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.

Zéckt nët fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.



Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

FLAMMANG Adrien (Bagheera)

ENGLEBERT Lara (Spitzki)

HEINEN Catherine (Kaa)

FISCHER Manon (Tamia)

Contacts:

Allgemeng E-Mail: cheffen@lionsbleus.lu

just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu



BEAVER (BV)

FRISCH Danie (GriGri)

VINANDY Liana (Barry)

ORELLANA Ruben (Reebou)

FLAMMANG Raphaël (Hawky)

Konto:

Les Lions Bleus - Beaver

> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email: beaver@lionsbleus.lu



MEUTE (LX)

FLAMMANG Adrien (Bagheera)

HEINEN Catherine (Kaa)

ENGLEBERT Lara (Spitzki)

RODESCH Jasmine (Matka)

HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

Konto:

Les Lions Bleus - Meute

> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email: meute@lionsbleus.lu



TROUPE (SG)

LAMAMRA Harry

MAJERUS Ketty

PEPIN Cédric

PIRON Aleksis

Konto:

Les Lions Bleus - Troupe

> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email: troupe@lionsbleus.lu



EXPLORER (EX)

MAJERUS Max

FLAMMANG Raphaël

Konto:

Les Lions Bleus - Explorer

> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: explorer@lionsbleus.lu



ROVER (RO)

HEINEN Nora (Quagga)

SCHMITT Lena (Inia)

Email: rover@lionsbleus.lu



TEMBO (TB)

SCHMITT Lex (Atra)

FISCHER Manon (Tamia)

Email: tembo@lionsbleus.lu

LBB goes PAPERLESS

Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,

Iwwerall op der Welt ginn et de Moment Diskussionsionnen iwwer de Klimawandel sozial an ekologesch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbessern wëll an et ass méttlerweil een Thema, dat een net méi ignoréieren kann.



Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou et geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir dat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gärén un eis Engéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:

Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat lech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech méng Wandrous an Zukunft:

- weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.

Dëst op d'Adress:

- nët méi informéiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

ACTION-SORTIE | FIR EXPLORER (EX)



Hutt dir Loscht ob een
Dag geféllt mat Action a
Spaass?



Wou dir Saache maache
wäert déi dir eleng net
maache géift?



Wou du zesumme mat
denge Scoutskolleegen
eng onvergiesslechen
Zäit erliewe wäert?



Da komm mat ob eis
Action Sortie !



Départ? Samstes, den 05. März 22_10h beim Home LBB

Retour? Samstes, den 05. März 22_16h beim Home LBB


Präiss? Kridd dir nach gesoot

Souche? Oofzeginn bis den 26. Februar

Material? Dem Wieder ugepasste Kleeder, Sportssaachen,
Picnic & ee Bidon mat Waasser.

Heimadder erlaaben ech _____ méngem
Explorer _____ mat ob d'Explorer
Sortie den 05.03.2022 ze goen.

Ënnerschrëft: _____



SORTIE | FIR TROUPE (SG)



SORTIE Inter Troupe LBB & MW

Hej Pippi Langstrumpf !

Hej léif Scoute vu Bouneweg a Mamer!

Ech sinn d'Pipi Langstrumpf vu Gotland a Schweden a si ganz traureg. Méi Pap den Kapitän Ephraim ass scho säit Wochen nët méi dohem gewiescht. Hien hat mir gesot dass en nëmme kuerz mat méngem Päerd Kleiner Onkel op Stockholm akafe geet, mais hien ass nach ëmmer nët zeréck komm.

Ech maache ma wierklech Suergen em mäin Kleiner Onkel an wëll hien onbedéngt rëmgesinn. Ech si ma mäin Papp erëm mat sénge Pirate Kollegegen ewech geschippert sinn an de Kleiner Onkel matgeholl hunn, obwuel hien schlëmm Séikranheet huet.

Dir musst mir hëllef...Si wäerte sécher an e puer Méint ze Lëtzebuerg optauche, well hir Bank fir d'Pirate Gold zu Lëtzebuerg ass. Ech maache mëch bereet fir op Lëtzebuerg ze fléien an méngem Heiss-

luftballon an zielen ob iech! Kommt mir hëllef mäin geliebt Päerd zeréck ze kréien! ...Hjärtliga hälsningar är Pippilotta Viktualia Rullgardina

Krusmynta Efraimdotter Långstrump...



Ufank: um 9:00 *****Parking Juckelsplateau**
(49°39'16.7"N 6°02'02.3"E)*** Détail iwwer
Email Annexe

Schluss: um 17:00 beim Lycée Josy Barthel Mamer
(2 Rue Gaston Thorn, L-8268 Bertrange)



Präiss & Souche: 5 € sinn ze iwwerweisen bis den 5.März 2022 op den Compte:
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun:
Sortie Langstrumpf+Numm vum Scout'

Material: Kleeder fir dobaussen, Biergschong, Bidon mat Waasser, Gamelle mat Besteck a Becher, dem Scout séng 7 Saachen an déng gutt Laun...

HEIMAT ERLAABEN ECH _____ MÈNGEM

SCOUT DEM _____ OP D'SORTIE

LANGSTRUMPF LBB&MW DEN 12.MÄRZ.2022 MATZEGOEN.

DATUM & ENNERSCHREFT: _____



Sortie Wëlldéieren-Station 2022

An der Chrëschtzäit hutt dir an e puer Versammlungen fläisseg Chrëschtkaarten gebastelt a sidd déi verkafe gaangen.

Ären Asaatz huet sech gelount! 120 Euro krute mir zesummen, gutt Arbëscht Wëllef ;))

Zesummen hunn mir decidéiert déi Suen un d'Wëlldéieren-Station zu Diddeleng ze spenden, a si hunn eis ageluede fir eng kéier laanscht ze kommen.

Wann dir also schon ëmmer Wëlldéieren aus eisem Bësch vun no gesi wollt a wësse wollt wéi déi Déiere gefleegt ginn, da kommt mat eis ob Diddeleng.



Départ? Den 19. März um 10h ob der Gare Centrale

Retour? Den 19. März um 15h30 beim centre de soins de la faune sauvage (49 Rue de la Foret, 3471 Dudelange)

Souche? Oofzeginn bis den 5. März 2022

Praiss? GRATIS

Material? Dem Wieder ugepasste Kleeder, gudd Schong, een klenge Rucksack mat engem Bidon Waasser an engem PicNic fir Mëttes.



Heimat erlaben ech
méngem Wëllefchen
un der Sortie vum 19. März 22 deelzehuelen.

Ennerschrëft :



FNEL EXPLO

D'Scoutsekipp vun der FNEL invitéiert iech härezlech op den Kultur- a Museksfestival „DappFestival“!

Dëst Joer mëscht den Dapp sech op den "DappFestival". Do léier hie verschidde Museker kënnen, produzéiert seng eege Musek a gëtt zumrichtege Rockstar. Awer och kulturell gëtt hie gefuerdert

Dir wëllt méi wëssen? Dann kommt all op de groussen Explo „DappFestival“.



Wéini: Samschdes, den 19 Mäerz 2022
RDV: 8:30 Auer op der Gare de Luxembourg
Schluss: Geint 16:00 Auer op der Gare de Luxembourg

Umeldung bis den 20 Februar 2022 (Per email)

Präis: 15€/Participart
→ Les Lions Bleus - Troupe
BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Mention: FNEL Explo + Numm

Material Pick-nick, Bidon mat Gedrénks, dem Wieder ugepassten Gezei, Uniform & Foulard...



HEIMAT ERLAABEN ECH _____ MÈNGEM
SCOUT DEM _____ OP DEN FNEL EXPLO DEN
19.MÄRZ 2022 MATZEGOEN.

DATUM & ENNERSCHREFT: _____

OUSCHTER-CAMP | FIR BEAVER (BV)

Léiwen Beaver,

eis Scoutshiermer sinn nach zimmlech eidel fir dat zeänneren hunn mir eis eppes afalen gelooss.

Ob dësem Camp maachen mir verschidden Badger färdeg an aanerer fänken mir un.

Wann's du prett bass een Hiern voll mat mega coolen Badger ze hunn dann mell dëch hei un ??



Wéini: 2.- 4.04.2022

Rendez- vous: 2.04_Samsdes um 10h00 op der Gare de Luxembourg

Retour: 4.04_Méindes um 11h00 op der Gare de Luxembourg

Präiss: **50€** sinn ze iwwerweisen bis den 26 März 2022 op den Compte " Les Lions Bleus-Beaver" mat der Mention : Ouschtercamp22 + Numm vum Participant (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

Souche: Ass oofzeginn bis spéitstens den 19.März 2022!

Waat brauchts du:

Dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, Gamelle (Besteck,Becher,Kichenduch), Schloofsaack, Schloof- & Wäschaachen, Foulard, ...

Heimat erlaaben ech méngem
Beaver deelzehuelen um Ouschtercamp
vum 2.-4.4.2022 an iwwerweisen d'Suën & ginn d'Souche pünktlech oof!

Ennerschrëft.....



OUSCHTER-SORTIE | FIR MEUTE (LX)

...DIR kennt mëch bestëmmt...

Ech hunn eng Kaap, eng Päif & karéiert Kleedung. Ech léisen fir mäin Liewen gären Rätselen.

Genau! Ech sinn den Sherlock Holmes > Bekanntesten Detektiv vun England. Dowéinst krut ech virun kuerzem eng Noriicht, mee ech hunn se einfach nët verstaan. Ech hunn schon alles probéiert, mee ech fannen einfach nët déi richtig Léisung.

Dofir hunn ech geduecht dat DIR mir villäicht hëllefén kënt, well DIR och schon vill aaner Rätselen geléist hutt.

Also, géift DIR daat fir mëch maachen?

Dann mellt iech séier un!



Rendez-vous: Samsteg den 2. Abrëll 2022
um 9h30 uewen beim Parking Glacis

Retour: Samsteg den 2. Abrëll 2022 um 16 Auer op der selwechter Platz

Präiss: 5 € sinn matzebréngen op den Rendez-vous.

Waat muss een matbréngen:

klengen Rucksack mat engem Bidon, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, dem Wieder ungepassten Kleeder an vill gudd Laun...

Souche: Ass oofzeginn bis spéitestens den 26. März 2022



Heimat erlaaben ech _____
Kand _____ den 2. Abrëll 2022
op d'Ouschtersortie matzegoën.

Datum & Ennerschrëft _____





MUTEGEN EXPLORER!

.....DU WËLLS OCH ERAUSFANNEN WIEN DE FAMÉISEN PATIENT NULL ASS?

MA DEEN ASS NËT EINFACH ZE FANNEN.

AN ENGEM WAIT ENTLOOSSENE ECK AN ONSEM KLENGE LÄNDCHEN GOUF EN ALS LETZT GESICHT.

ALSO SIEF MAT DOBÄI WANN EE VUN DEENE GRÉISSTEN MISTERIE VUN ONSER HAITEGER ZÄIT UN D'LUUCHT KËNNT.

DOWÉINST MELL DËCH SÉIER UN, DASS OCH **DU** DOBÄI KANNS SINN!

DÉPART? FREIDES, DEN 15. ABRÉLL UM 09H
OB DER GARE CENTRALE

RETOUR? SONNDES, DEN 17. ABRÉLL UM 16H
OB DER GARE CENTRALE

PRÄISS? 40€ SI BIS DEN 2. ABRÉLL OP DEN
COMPTE LU30 0019 4955 9102 6000 MAT
DER MENTION OUSCHTERCAMP + NUMM VUM
EXPLORER ZE IWWERWEISEN

SOUCHE? OOFZEGINN BIS DEN **2. ABRÉLL**

MATERIAL? DEM WIEDER UGEPASSTE
KLEEDER, PICNIC, BIERGSCHONG,
TÄSCHEMESSER, MASK, GAMELLE & ALLES
WAAT EEN BRAUCH FIR 3 DEEG CAMP...



HEIMADDER ERLAABEN ECH

MÉNGEM EXPLORER UM OUSCHTERCAMP DEN

15.-17.04.2022 DEEL ZE HUELEN.

ËNNERSCHRÉFT



LBB SCHAFF-WEEKEND



UN ALL

EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum **7-8.Mee 2022** am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lët belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

WICHTEG INFOS:


Rendez-Vous: Den 7. Mee 22 um ...8 Auer MAT Kaffi
...9 Auer OUNI Kaffi

Schluss: Den 8. Mee 22 um 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchst du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

Unmeldung/Souche?

Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den **7-8. Mee 2022** un & kommen Samstes op de Start:



um **8 mat** Kaffi



um **9 ouni** Kaffi

(WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: _____

FNEL RAID | FIR EXPLORER (EX)



Dës Joër ass et dann och endlech nees souwäit, den traditionellen Explorer Raid fënnt nees statt! Wéi all Joërs treffen sech d'Explorer aus dem ganzen Land fir ee flotten Dag Dobaussen ze verbréngen.

Den Dag ass voll gepackt mat flotten Aktivitéite vun aller Zort. An natierlech ass dat déi perfekte Geleeënheet fir néi Frëndschaften ze schléissen!

Fir de Moment ass just den Datum bekannt, weider Informatiounen kritt Dir sou schnell wéi méiglech ;)

!!! 7.-8. Mee 2022 !!!

SAVE THE DATE



Héimat erlaaben ech _____ méngem
Explorer _____ mat ob den Explorer
Raid den 7.-8.Mee'22 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschrëft: _____

FNEL SIXPLO | FIR MEUTE (LX)



D'Wëllefchers Ekipp invitéiert iech ganz härerlechst op den Sixplo 2022.

Dës Joër hunn mir normalerweis rëm en normalen Sixplo :
Samschdes treffen sech d'Sixer an Sonndes kommen déi aaner
Wëllef aus der Meute no.

SAVE THE DATE

WÉINI:

Fir d'Sixer:

Samschdes-Sonndes, 14.-15.Mee'22

Fir déi aaner Wëllef:

Sonndes, 15.Mee'22

Weider Détailler zum Umeldungsdélai, Thema, Präiss,
Auerzäiten, asw. kommen no...

Héimat mellen ech _____
main Wëllefchen _____ un fir den
FNEL Sixplo den 14.-15. Mee 2022

Ënnerschrëft _____



FNEL FUNDAY | FIR BEAVER (BV)

Léif Beaver,

Op dësem Beaver FunDay, den 9. Mee 2022 (Méindes, Feierdag: Journée de l'Europe) maache mir eng Zäitrees an d'Mëttelalter! Mir wäerten eng super Zäit zesumme verbréngen, mat Draachen, Prinzessinen a Ritter oder Prénze, Kinniginnen a Kinnéken.

Wou? Home FNEL (Fetschenhaff, Cents)
Start? 11:00 Auer
Schluss? 16:00 Auer
Präiss? 10€



Waat brauch ech?

e Bidon mat Waasser, Picknick fir Mëttes an déng Mëttelalter-Verkleedung

Umeldung & Iwwerweisung? bis den 26.03.2022

10€ op den Compte: Les Lions Bleus - Beaver
(IBAN LU91 0019 495590970000) mat der Mentioun :
BFD'22 + Numm vum Kand



Léif Elteren,

Op dësem Beaver FunDay ënnerstëtze mir de Maykadifference, e Fundraiser Event vun der ONGD FNEL. Ab 15 Auer sidd dir Wëllkomm vir mat op de Beaver FunDay ze kommen, vir lech d'Fest vum Maykadifference unzekuken, e gudd Stéck Kuch mat eis ze lessen a bei eiser grousser Chaîne des Adieux, kuerz viru Schluss um 16 Auer, dobäi ze sinn.

Beaverklack, Déng Cheffen

Ech (Numm, Virnumm) , Mamm,
Papp, Tuteur, erlaabe méngem Kand, dem (Numm, Virnumm)
..... mat op den Beaver
FunDay den 9. Mee 2022 ze goen.

Datum an Ënnerschrëft



No 2 Joer waarden ass et endlech nees souwäit! Eisen Traditionelle Pëngschtcamp fënnt nees statt.

Dëst Joer entfëiere mir iech an eng Zäit virun 10.000 Joer, wou eis Virfahren all Dag ëmmt iwverliewe gekämpft hunn. Mir wäerte selwer Sammler a Jäger sinn, dobaussen ënnert de Stärre schlofen a fleit gesi ma och den een oder anere Mammut.

Mee eleng si ma net, wëll mir wäerten Hëllef kréie vun enger bekannter Famill déi genau weess wéi een an der Steenzäit iwverlieft...

Dir hutt et sécher schonn erroden, et sinn d'Flintstones!

Mëll dech séier un, fir mat eis ob eng Rees ze goen, déis de sou schnell nët vergiesse wäers.



Rendez-vous?

21.05.22 um 09h fir Scouten an Explorer ob der Gare Centrale

21.05.22 um 14h fir Beaver an Wëllef ob der Gare Centrale

Retour?

23.05.22 um 16h fir Jiddereen beim Busarrêt "Am Duerf" zu Arsdorf

Souche?

Ass ofzeginn bis den 30.Abrëll 2022

Praiss?

40 € sinn ze iwverweisen bis den 30.Abrëll 2022 op den Konto Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mention : PC & Numm vum Kand.



Material? Foulard, Schloofsaack & Carrymat, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Wäschaachen, Gamelle & Kichenduch, Nuesschnappecher, Biergschong, Schwammsaachen & eng cool Steenzäit Verkleedung ??

Heimat erlaaben ech méngem Beaver, Wëllefchen,
Scout, Explorer, Rover, Tembo deel ze huelen um
Paischtcamp (21. -23.5.2022) vun den Lions Bleus.

Ennerschrëft :





Léif Scouten, Explorer, Rover,

No laangem waarden, engem Joer Verschibung a vill Ongewëssheet, si mir frou, dech op de nächste Federal Camp vun der FNEL ze invitéieren. A wat fir ee Camp eis do erwaart ! Zesumme gi mir an d'Häerz vu Skandinavien : **SCHWEDEN !** Mat iwwert 50 % vu senger Fläch u Bëscher an honnerte vu Séien a Flëss bitt Schweden eis déi perfekt Kuliss fir ee Fédéralcamp, wéi mir en nach net gesinn hunn. Kommt mat eis op des Aventure an erlieft Scoutismus puer, mat villen Outdoor Aktivitéiten, enger eenzegaarterger Campplaz, Onbeschreiflech Landschaften a schléiss Frëndschafte fir d'Liewen !

Hei déi wichtegst Informatiounen am Iwwerbléck :

Wéini : 16. Juli 2022 - 31. Juli 2022

Wou : Ransberg ScoutCenter - Schweden

Waat erwaart dëch :

Een Action-räiche Programme mat villen Aktivitéiten am Fräien, ee flotte Campliewen, Hiken duerch déi wonnerschéi Landschaften a Frëndschafte fir d'Liewen !


Praiss : + - 750,00 €

1. Acompte 250,00 € - 06/12/2021 - Non-remboursable
2. Acompte 250,00 € - 07/02/2022
3. Acompte 250,00 € - 04/04/2022

Mir freeën eis, dëch mat ob dës onvergiessbar Rees matzehuelen an zesummen nei Erfahrungen an Entdeckungen ze maachen,

Vänliga hälsningar,

Äre Staff



PROGRAMM BEAVER

| | | |
|-----------------|---------------|---------------------------|
| 05.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 12.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 19.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 26.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02-04/04/2022 | | BV CAMP |
| 09 & 16/04/2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 23.04.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 30.04.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 06.05.2022 | | AG LBB |
| 07.05.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2022 | | FNEL BV FunDay |
| 14.05.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 21-23/05/2022 | | PËNGSCHTCAMP |
| 28.05.2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 11.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|-----------------|---------------|---------------------------|
| 05.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 12.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 19.03.2022 | | SORTIE |
| 26.03.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 02.04.2022 | | SORTIE |
| 09 & 16/04/2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 23.04.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 30.04.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 06.05.2022 | | AG LBB |
| 07.05.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14-15/05/2022 | | FNEL Sixplo |
| 21-23/05/2022 | | PËNGSCHTCAMP |
| 28.05.2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 11.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |

PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|--------------------|---------------|---------------------------|
| 05.03.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 12.03.2022 | | SORTIE - InterTroupe |
| 19.03.2022 | | FNEL Explo |
| 26.03.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 02,09 & 16/04/2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 23.04.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 30.04.2022 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 06.05.2022 | | AG LBB |
| 07.05.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 07-08/05/2022 | | LBB Schaff-WE ab CP/SP |
| 14.05.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 21-23/05/2022 | | PËNGSCHTCAMP |
| 28.05.2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 11.06.2022 | | SORTIE |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |

PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|-----------------|---------------|---------------------------|
| 05.03.2022 | | EX ACTION-SORTIE |
| 12.03.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 19.03.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 26.03.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 25-26/03/2022 | | RO MONTEE mat den MW |
| 02 & 09/04/2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 15-17/04/2022 | | EX CAMP |
| 23.04.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 30.04.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 06.05.2022 | | AG LBB |
| 07-08/05/2022 | | LBB Schaff-WE |
| 07-08/05/2022 | | FNEL EX RAID |
| 14.05.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 15.05.2022 | | FNEL RO SORTIE |
| 21-23/05/2022 | | PËNGSCHTCAMP |
| 28.05.2022 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.06.2022 | | EX SORTIE |

RAPPORT G-Versammlung | GROUPE (GR)



Gruppenversammlung'21

Den 18. September hunn mir eis traditionell Gruppenversammlung oofgehaalen. Dës stoung an dësem Joër ënnert dem Motto Bauerenhaff. Bei der Versammlung, wou och all nei Kanner eng kéier kucken kommen kënnen, goufen se All an verschidden Gruppen obgedeelt. Daat heescht ët waren vun all Branche vun Explorer bis Beaver mindestens een an all Grupp vertrueden.

Dunn ass ët och schon mat den Posten lass gaangen, déi all ënnert dem Thema vun engem Déier vum Bauerenhaff stoungen. Esou hunn Kanner zum Beispill beim Kou-Atelier geléiert wéi een eng Kou melken kann an dat dann natirlech och direkt un enger Modellkou ausprobéiert. Bei den Hénger gouf mat engem Quiz geléiert wou hier eis Éer kommen an beim Päerd gouf een Parkour gelaaf an en klenge Päerd gebastelt.

Während der Zäit wou d'Kanner waarden missten bis den nächsten Atelier frai gëtt, haaten Sie och d'Geleenheet richteg Déieren ze heemelen. Et waren nämlech 3 Schoof an 4 Hénger beim Home, déi s'ëmmer iwwert Besuch an een puer Streicheleinheiten gefreet hunn.

Zum Schluss gouf ët nach fir all Kand een lecker gebaackenen Foulard an dann sie glécklech erëm heem gaang.

TASHA



RAPPORT Montée | GROUPE (GR)



Wéi all Joer sollt Ugangs Oktober eis Montée statt fannen. D'Wëllefcher hunn sëch um 11 Auer getraff. Bei den Beaver gouf leider virdrun schon een positiven Fall fonnt, wéinst deem Sie leider Alleguerten heem goën missten. Dowéinst haaten d'Wëllefcher eng verlängert Versammlung déi voller Spiller war. Sie hunn vun Wikingerschach bis Zauberspäcker vill verschidden Spiller gespilt. Mëttes hunn Sie virum Home hieren Picknick giess an sinn dono nach emol bei d'Spillplatz gaangen. Um 17 Auer wor dës ausserordentlech Versammlung dann färdeg an d'Kanner sinn midd awer glécklëch erëm heem gaangen. Den 9. Oktober hunn mir dann d'Montée an enger normaler Versammlung nogeholl. Et huet alles gudd geklappt an bei waarem Wieder an Sonn, konnten mir 7 Beaver bei eis an der Meute ophuelen.

TASHA



Viz-Weekend 16-17/10/2021

De Viz-Weekend 2021 huet zu Zëtteg stattfonnt. Moies um 8:30h hunn mir eis all beim Home zu Bouneweg getraff. Wéi schliisslech Jiddereen ukomm wor, hunn mir eis an d'Autoen gesat a sinn op Zëtteg gefuer. Do ukomm kruten mir erkläert wéi den Weekend oofleeft. Nodeems mir all Informatiounen kruten hunn mir eis op de Wee bei den éischte Bongert gemaach. Awer do gouf et nèt vill ze plécken. Um zweete Bongert gouf et och nèt sou vill fir ze fänken. Um drëtten Bongert houngeen schonn méi Äppel un den Beem. Wéi eis Aarbecht oofgeschloss war, hunn d'Cheffen en Dësch opgebaut, op deem si d'lessen preparéiert hunn. Erëm um Haff ukomm, hunn mir déi eenzel Statiounen oofgeschafft. Déi éischt Statioun war d'Äppel ze wäschen, duerno sinn si an den Häckseler geflunn. Ënnert dem Häckseler stoung eng grouss Biitchen an deem mir déi gehäckselt Äppel opgefaangen hunn. Uschléissend koumen déi gehäckselt Äppel an den Kelter fir de Jus aus den Äppel ze pressen. De Jus hunn mir an engem Eemer opgefaangen fir en dann duerch een Filter an d'Fläschen emzefëllen. D'Zäit ass vergaangen bis et schliisslech donkel gouf. No der gedoëner Aarbecht kruten mir ze lessen. Mir hunn eis all saat giess an et war och extreem lecker. Nom lessen hunn mir en Nuetspill gemaach. An deem Nuetspill gong et dréms Fixspéin ze schmuggelen an se sècher op déi aaner Säit vum Spillfeld ze transportéieren. Awer Douanieren haaten eppes dogéint, Sie hunn missten d'Schmuggler oofänken. Mir hunn, nodeems déi éischt Ronn färdeg gespilt war d'Roller getosch. An zum Schluss huet d'Géigner Equipe gewonnen. Um Haff ukomm, hunn mir eis esou lues bettfärdeg gemaach. Mir sinn all schnell ageschloof.

Um nächste Moien goufen mir vun eisen Cheffen erwäsch, an daat éischt waat mir gemaach hunn war „Frühspport“. Eisen Frühspport hunn mir domadder verbruecht een Tuer duerch Zëtteg ze dréinen. Moies gouf et typesch Brout mat Opstreich an/oder Müsli. An dunn war et erëm un der Zäit d'Äppel ze wäschen, ze häckselen an auszepressen. Wéi d'Äppel all verschafft waren hunn mir eng Ronn Ninja gespilt, eng Chaîne des Adieux gemaach an dunn war et dann och un der Zäit sèch op den Wee zum Oofhuelpunkt ze maachen.

Mo Streff



RAPPORT Halloweenparty | MEUTE (LX)



Wëllefcher's Halloweenparty_30.10

Um 16:00 ass et lassgaangen! De Carré gouf gepaff, de Fändel gouf héich gezunn an den Great-Howl gouf och gemaach. Zimmlech direkt hun mer d'Scouten vun Grousbous kennengeléiert an hun ganz spontan entscheed mat hinnen zesummen eis Halloweenparty ze feiern, natiiirlech Alles énnert dem Regime Covid-Check.



Daat éischt Spill war "Wer bin ich?" an der Grujelvariant. Méi spéit sinn mer dann All zesummen an d'Home gaangen, well eis Halloween-Party muss jo och fiirbereed ginn. D'Mandarinnen goufen geschielt, d'Oreo-Spannen zesummen gebastelt an d'bluddeg Wirschtecher-Fanger geschnidden. No dem Spill "Wou ass d'Hexennues?" konnt d'Party dann starten mat cooler Musék, grujel Drinks & Snacks. Et ass Halloween! D'Grujelgestalten konnten tanzen & laachen, sou wéi et sech fir Halloween gehéiert! **Spitzki**



RAPPORT HalloweenWE | BEAVER (BV)

Beaver Halloween Weekend 6/11 - 7/11

Mir hunn eis um 14 Auer zu Wolz beim Schlass getraff, nodeems Jiddereen ukomm ass goufen ët puer Erklärungen an dann ass ët scho lassgaangen mat engem klengen Piste Poste. D'Beaver hunn um Piste Poste vun einfachen Weer bis méi schwéier Weer gehat mat mega coolen Spiller ënnerwee.

Wou si dann um 15 Auer ukomm sinn hunn mer Kürbisser geschnëtz an richtig Grujeleg Halloween Masken gebastelt. Ët gouf och eng kleng Collatioun wou si Gespenster Bananne kruten an grujeleg Mandarine Kürbissen. Nodeems mir eis dann am Dortoire färdeg gemaach hunn sinn mer eraus Spiller spillen gaangen.

Owes gouf ët dann eng Kürbis Zopp déi MEGA gutt war. Duerno haaten mir een Halloween Casino wou d'Kanner an d'Cheffen sëch verkleet hunn. Zum Schluss hunn mir nach all no dem Suel gesicht deen mir leider nët fonnt hunn well ët him ze kaal war an hien schon an den Süden gewandert ass :(Dunn gouf ët nach bei engem klengen Feier een Kichelchen an mir hunn bëssen mat den Beaver geschwat an dann ass ët och schon an d'Bett gaangen.

Den 2.Daach wollten mer lues ugoën an gemittlech ausklengen loossen, d' Beaver waren awer schon moies um 6 Auer waakreg :) Dunn hunn mer bëssen Frühsport gemaach um 8:30 auer an um 9:00 Auer gouf ët dann Kellogs mat Orangen & Multivitaminjus. Um 10:00 Auer hunn mer eis dann prett gemaach, den Chalet geraumt an eis Rucksäck gepaack. Den Reebouw an den TikTak hunn mat den Kanner dann am Dortoire een Spill gespilt am Donkelen, währenddem hunn den Hawky an Grigri d'Mëttegiessen preparéiert. Um 11:30 Auer sinn mer dann fort gaangen an hunn Mëttes (een Picknick) ob enger Spillplaatz giess an um 14:00 Auer sinn d'Elteren dann och schon komm fir hier Kanner mat zehuelen.

Zum Schluss kruten d'Beaver dann eng Snack Tuut fir am Auto, well den Wee zimmlech laang awer war :)

Merci un d'Spitzki an den TikTak déi ausgehollef hunn :)



RAPPORT Sortie | TROUPE (SG)

Bear Grills Sortie

Mir hunn eis um 10 Auer virum Hotel Siewenbueren getraff. Dunn hunn mir all verschidden Materialien fir ze Iwwerliewen (Holz, lessen....), op eis Platz wou mir waren gedroen. Op dëser Platz gouf et eng Feierplatz wou déi eng "Equipe" dann Feier gemaach huet an déi aaner e Bivouac mat Baatschen gemaach hunn. Dunn gouf Holz gehackt, Holz fir den Naturbivouac (Hütt) an Feierholz gesammelt. E puer Scouten hunn och d'Entrée virbereet: Humus, Salami an mat Olivenueleg um Feier gerëschten Baguettestécker. Et war ganz lecker. Dono gouf et eng kleng Paus wou en sech Téi huelen konnt. No der Paus huet Kachequipe en Curry gemaach an den Rescht huet fir eisen Naturbivouac Farn, Holz an Moos gesammelt. Dunn hunn mir d'Konstruktioun opgeriicht an d'Holz no beieneen geluecht. Géint 13:30 Auer gouf et lessen. De Curry war e bësschen schaarf, mee e war trotzdem lecker. Fir déi lescht Stonnen hunn mir alleguer un der Hütt geschafft. Dat heescht, dass mir nach richtig vill Farn gesammelt, an dësen dann op déi uneneen geluechten grouss Holzbengelen geluecht hunn. Sou ass d'Hütt waasserdicht ginn. Mir hunn grad nach gutt um Naturbivouac geschafft, als en Hond ouni sain Besëtzer koom. Hien ass op der ganzer Platz ronderëm gelaaf an et koom zimmlech laang keen Besëtzer. Mee iergendwann koom dann eng Madame, déi nach kuerz mat eis geschwaat huet an dann hiiren Hond matgeholl huet.

Als eisen Naturbivouac dann färdeg war, missten mir zu 14 an dës Hütt an den Harry huet dann aus engem Bidon Waasser iwwert eis geschott. Mir sinn baal nët naass ginn. Kuerz virum Schluss hunn mir dann alles opgeräumt an nach Marshmallows gegrillt. Dono war et leider schon 16 Auer an mir missten bei d'Platz trëppelen wou mir oofgeholl ginn sinn. Et war eng flott Sortie!

Kiara



RAPPORT Kleeschen | GROUPE (GR)

Rapport Kleeschen

Dëst Joer huet de Kleeschen ganz spontan missen säin Planning änneren. Doduerch ass de Kleeschen dëst Joer op den Lions Bleus Chrëschtmaart komm. Do gouf et Glühwäin, gudde Schocki, Boxe-männchen an ganz wichteg: Lagerfeier. Wéi ëmmer huet de Kleeschen den Beaver, Wellefcher, Scouten an Explorer eppes fiirgedroën, waat séng Engelcher him am Fiirfeld geflüstert hunn. Sou haaten d' Elteren, d' Kanner an d' Cheffen e flotten Owend, och wann et kaal an bëssi naass war!



PHOTOS Weekend | ROVER/TEMBO (RO/TB)



RAPPORT KrëschtCamp | MEUTE (LX)



1.Dag_Mir hunn eis Samstag den 18. Dezember 2021 um 10 Auer bei der Gare getraff. Do hunn mir déi grouss Rucksäck oofginn, déi dann bei d'Home bruecht ginn sinn an mir sinn dann mat eisem Picknick am Gebäck als éischt mat der Tram bis bei d'Stäreplaz gefuer. Duerno ass et mat Hëllef vun verschiddenen Rätselen an Aufgaben op engem Wee duerch den Bësch bis bei d'Home vun den Aigles am Rollingergronn gaangen. Nodeems Jiddereen do ageriicht war, gouf eng flott Chrëscht dagsbastel gemaach. Et goufen och e puer Geschichten iwwert Chrëscht dag an aanderen Länner erzielt, well dat jo eist Thema war. No engem klengen Snack, sinn mir dann och nach eng kéier raus gaangen fir eis bei enger Chrëscht dagsolympiad ze beweisen. Den Owend gouf mat engem flotten Spill an Kannerpunsch auskléngen gelooss.



Den 2. Dag huet mat verschiddenen Atelierien ugefaangen, déi op den Kachbadge hingeschafft hunn. Dofir gouf och selwer d'Mëttegiessen preparéiert, waat allen gutt geschmaacht huet. Mat engem Spill dobaussen an Plätzchen baacken ass et wieder gaangen. Owe hunn mir dann och nach eng kéier dobaussen e Spill gemaach bei deem et dorëms gaangen ass, wien um Enn deen schéinsten Chrëschtbëemchen dekoréiert huet.



3.Dag_Op eisem letzten Dag hunn mir dann e puer flott Spiller dobaussen gemaach an all eis Saachen erëm angepaack. Eis Erlebnisser vum Camp hunn mir an engem klengen Rapport, den geschriwwen oder gemolt war, festgehalten. Well mir um ganzen Camp d'Chrëscht dagsfest an verschiddenen Kulturen kennengeléiert hunn an ëmmer erëm Noriichten mat Puzzelstécker vun den Renndéieren kruten, haaten mir dëst Puzzle nach ze léisen bis de Camp dann um 15 Auer beim Home vun den Aigles leider erëm eriwwer war.

TASHA



PHOTOS Sylvester | ab ROVER



**HAPPY NEW YEAR
... LBB & Friends
goes FUTURE ...**



LBB SHOP

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

STARTER PACK

T-SHIRT
&
HOODIE
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst
eemol vir 30 EURO,
amplatz vu 40 EUR
dëi zwee zesummen)



T-shirt 15€



Knuet 5€



Pullover 25€



Foulard 5€

and many more to ...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi. Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un dän **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Ausserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer << du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den **SHOP** op ass:

... 26/03/2022 ... 07/05/2022 ... virum S-Camp nach 1x ...

COTISATION 2022

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un. Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000** vun den **Lions Bleus** ze iwwerweisen. Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristesch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2022 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët. Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



WOSM & FNEL NEWS



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass
ëmmer Donneschdes
op, ausser während
den Schoulvakanzan!

16.07.-31.08.2022

CAMP FÉDÉRAL an Schweden

| | |
|----------------|---------------------------|
| 19.03.2022 | FNEL SG Explo |
| 23.03.2022 | CoGro |
| 26.03.2022 | World Scout Day |
| 07.05.2022 | FNEL SG CH Aktivitéit |
| 07.-08.05.2022 | FNEL EX Raid |
| 09.05.2022 | FNEL BV FunDay |
| 13.05.2022 | MW/PI NuestsRallye 'LOST' |
| 14.-15.05.2022 | FNEL LX Sixplo |
| 15.05.2022 | FNEL RO Sortie |
| 18.05.2022 | CoGro |
| 22.06.2022 | FaackelZuch |
| 29.06.2022 | CoGro |
| 10.07.2022 | Pow-Wow |
| 16.-31.07.2022 | POLARIS |
| 20.-22.08.2022 | FNEL RO VeloTour |
| 14.09.2022 | AG FNEL |
| 18.09.2022 | Journée des Chefs |
| 01.-12.08.2023 | JAMBOREE an Korea |

ET SCHÉNGT ...

- 01)dat Idee vum SecondHand mat Scoutsmaterial paralell zum normale Shop ganz gudd ugeholl ginn ass.
- 02)wéi wann den Atra vollen Asaatz bewisen haat beim Zeréckféieren vun de ScoutsUniformen an d'FNEL.
- 03)dat eisen Härr Caissier daat wuel na nët sou richtig verstaanen huet, mam Slogan > LBB goes GREEN...
- 04)wéi wann de Clan un Totemiséierten Enn'21 > 2 nei Memberen opgeholl hun an hieren groussen Krees.
- 05)wéi wann RO & TB nees hieren traditionellen RV ugangs Dezember zesummen verbruecht haaten.
- 06)dat eisen EX-Gruppen Chef & Sekretär an Zukunft wuel nach een Neien Challenge dobai wärt kréien.
- 07)wéi wann mol nees säit Laangem eppes méi Grousseslass wor an onsem Home Sylvester 2021.
- 08)dat et soulues Jidderengem an och dem Raoul op d'Schlappen geet mat deem Gezooom's, Geskyp's...
- 09)dat de WanterCamp 'Techuana' huet missen ëmgeplangt ginn, fir dat en iwverhaapt stattfannen konnt.
- 10)dat d'FNEL am Summer (nom Sauloch an Daitschland) op den groussen Féderal-Camp Enn Juli'22 fiirt.

ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

- 01)wéi wann mir dësen dann och fir déi nächst Scouts-Rentrée 2022 wärten am Kalenner fiir gesinn.
- 02)dat hien sêch mat den Këschten iwvert e Steen gepucht huet an séng Kostümsbox kapott gerass huet.
- 03)wéi wann wiirklech am eescht nogefroot hätt > Gët eis 'WANDROUS' dann elo gréng drécken geloss ? :)
- 04)dat mir den LOUP tourmenté & LYNX fiable hätzlech Wëllkomm heeschen an eis op déi Nächst freen.
- 05)dat de WE am Thema 'North goes South' gudd besicht wor an Stëmmung téscht jonk & aal top wor.
- 06)dat den ATRA & Lynn am Mee'22 > Zouwuëss kréien an MIR hinnen schon's elo All Gudds wënschen.
- 07)dat ons Cheffen mat Comitésmemberen & Frënn v.d.LBB eng FUTURE Party fir de Start 2022 gema hun.
- 08)wéi wann hien kuerzerhand op der RS m.falschen Knäppi ZoomMeeting m.iwver 200 Léit beend huet.
- 09)dat mir 'exceptionnell' eng RoverTemboEdition gema hun, wéint COVID.. > 2023 ass nees ab EX-Alter :)
- 10)wéi wann LionsBleus ab Scoutsalter och mat um Start vum POLARIS'22 sinn, fir an Schweden ze fueren.

LBB MEMES

Keen Scout
ersteckt soulang
ech do sinn !!!



Me on my way to eat
my 3rd Schnitzel in
a day be like :



LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, MME Reifenrath Katrin, ...

AGENDA | März - Mee'22

| märz'22 | | abrëll'22 | | mee'22 | |
|---------|----|-----------|----|--------|----|
| Dë | 1 | Fr | 1 | So | 1 |
| Më | 2 | Sa | 2 | Me | 2 |
| Do | 3 | So | 3 | Dë | 3 |
| Fr | 4 | Me | 4 | Më | 4 |
| Sa | 5 | Dë | 5 | Do | 5 |
| So | 6 | Më | 6 | Fr | 6 |
| Me | 7 | Do | 7 | Sa | 7 |
| Dë | 8 | Fr | 8 | So | 8 |
| Më | 9 | Sa | 9 | Me | 9 |
| Do | 10 | So | 10 | Dë | 10 |
| Fr | 11 | Me | 11 | Më | 11 |
| Sa | 12 | Dë | 12 | Do | 12 |
| So | 13 | Më | 13 | Fr | 13 |
| Me | 14 | Do | 14 | Sa | 14 |
| Dë | 15 | Fr | 15 | So | 15 |
| Më | 16 | Sa | 16 | Me | 16 |
| Do | 17 | So | 17 | Dë | 17 |
| Fr | 18 | Me | 18 | Më | 18 |
| Sa | 19 | Dë | 19 | Do | 19 |
| So | 20 | Më | 20 | Fr | 20 |
| Me | 21 | Do | 21 | Sa | 21 |
| Dë | 22 | Fr | 22 | So | 22 |
| Më | 23 | Sa | 23 | Me | 23 |
| Do | 24 | So | 24 | Dë | 24 |
| Fr | 25 | Me | 25 | Më | 25 |
| Sa | 26 | Dë | 26 | Do | 26 |
| So | 27 | Më | 27 | Fr | 27 |
| Me | 28 | Do | 28 | Sa | 28 |
| Dë | 29 | Fr | 29 | So | 29 |
| Më | 30 | Sa | 30 | Me | 30 |
| Do | 31 | | | Dë | 31 |

ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



fneI   
scouts & guides



- LBB goes GREEN,
- och wann déi éischt Schrétt nèt esou einfach sinn, gell Inia ... Daat üben mer nach bëssi ;) ;)



* THATS ALL FOLKS ...